N°2726
Entrée le 04.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 2726 vum 4. August 2025 vun der honorabeler Deputéiert, Madamm Taina Bofferding, iwwert d'Glorifizéierung vu Gewaltverbriechen.**

1. **Gëtt et an der lëtzebuerger Gesetzgebung d'Mechanismen déi der ëffentlecher a kommerzieller Glorifizéierung vu Gewaltverbriechen duerch d'Täter selwer entgéintwierken?**

D'Lëtzebuerger Gesetzgebung enthält aktuell keng explizit Bestëmmung, déi d'Apologie oder d'Glorifizéierung vu Gewaltverbriechen duerch den Täter selwer ënner Strof stellt.

An dësem Kontext kann een awer den Artikel 457-3 vum Code pénal zitéieren, deen net explizitt d'Glorifizéierung vu Gewaltverbriechen duerch den Täter selwer verbitt a sech och net op all Gewaltverbriechen applizéiert, mä awer notamment all Persoun viséiert, déi ëffentlech, sief et op Versammlungen, oder ëffentleche Plazen, unhand vu Rieden, Illustratiounen oder Plakater, d'Existenz vu Krichsverbriechen, Verbrieche géint d'Mënschheet, oder Vëlkermord, bestreit, bagatelliséiert, verneint oder guttheescht.

2. **Ginn et änlech Mesurë wéi "Surveillance de sûreté" a Frankräich och hei zu Lëtzebuerg applizéiert? Wa jo, wien ass virun allem dovunner betraff a wéi ass d'Prozedur an den Oflaf?**
3. **A wéi engem Mooss kënnen d'Verhalen oder ëffentlech Aussoe vu fréiere Gewaltverbriecher, déi ënner engem ausgeschwate Sursis stinn, iwwerwaacht a reegelméisseg bewäert ginn? A wéi eng restriktiv Moossname kënne bei Verstéiss ergraff ginn?**

Zu Lëtzebuerg ginn et keng Mesurë wéi d'Sécherheetsiwwerwaachung sou wéi se a Frankräich existéiert. D'Lëtzebuerger Gesetzgebung kennt zwar verschidde Mesuren am Kader vum "*sursis probatoire*", mee eng systematesch Iwwerwaachung vun enger Persoun nom Enn vun hirer Prisongsstrof gëtt et net.

D'Persoun, déi ënnert engem ausgeschwate "*sursis probatoire*" steet, huet laut Artikel 630 vum Code pénal verschidden Obligatiounen ze erfëllen. Dës Obligatiounen, déi sougenannte "*mesures de surveillance*", ginn am Artikel 633-5 vum Code pénal definéiert. Heizou zielt, dass déi condamnéiert Persoun sech muss souwuel beim Parquet général wéi och beim SCAS presentéieren, wa si dozou opgefuerdert ginn ass. Desweidere muss déi concernéiert Persoun dem SCAS all néideg Informatiounen oder Dokumenter ginn, déi et erlaben, hir Liewensëmstänn nozevollzéien. Och muss d'Persoun dem SCAS matdeelen, wa si geplënnert ass oder hir Aarbecht gewiesselt huet.

Zousätzlech zu dëse Mesure kann de Riichter nach aner Mesuren imposéieren, wéi zum Beispill dass d'concernéiert Persoun sech engem medezineschen Traitement muss ënnerzéien oder verschidde Formatiounen absolvéiere muss. Dës sinn nëmmen e puer vun deene Mesuren déi am Artikel 633-7 vum Code pénal opgelëscht sinn.

Et ass de Procureur général d'État, deen zoustänneg ass fir de Respekt an d'Ëmsetze vun dëse Mesuren ze kontrolléieren. Dobäi gëtt hie vum SCAS ënnerstëtzt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Sollt de Verurteelte géint déi Mesurë verstoussen, kënne follgend restriktiv Moossnamen ergraff ginn:

- D'Revokatioun vum Sursis an déi voll Exekutioun vun der Strof am Prison.
- Am Fall wou de Sursis net revoquéiert gëtt, kënne nei Mesurë gesprach ginn.

Lëtzebuerg, de 27. August 2025

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue